Virwuert

Roxann HOFFMANN
Presidentin vum Maacher Geschäftsverband

D'Maacher Geschäftsleit së frou, datt dës Joar d'Drauwen- a Wäifest nees dierf stattfannen.

Fir Visiteuren ass et och ëmmer een goud Geleeënheet vum Fest ze profitéieren an eis Muselstiedchen ze erkundegen op kulturell, kulinaresch oder an de flotten Akafsstroossen.

Konstanz an Frëndlechkeet, e gudde Service an e sympathesch Optrieden ass net nëmmen d'Basis vum Erfolleg vun de Maacher Geschäftsleit mee och d'Definitioun vun der lëtzeborrier Wäikinnigin.

Déi aktuell Wäikinnigin Jessica huet an dësen 2 aussergewéinleche Joren dëst bewisen, och wa vill Optrëtter, di fir eng Wäikinnigin den Highlight duerstellen, gestrach goufen. Emsou méi ass d'Ausdauer vum Jessica ze luewe fir wärend 2 Joar Presenz gewiesen ze hunn.

Ech hunn och keng Zweifel datt eis zukünfteg Kinnigin Lee Risch mat Bravur den Iwwergang vun der Prinzessin zu Kinnigin meeschtere wäert. Déi Maacher Geschäftsleit wënschen dem Lee vill Erfolleg, Freed a schéi Momenter wärend senger Charge als lëtzeborrier Wäikinnigin.

Merci och dem Comité des Fêtes fir hier Aarbecht, datt dës Joar een Drauwen-an Wäifest ka stattfannen.

Prost op dat 71. Drauwen- a Wäifest!
Vive di nei Wäikinnigin „Lee"